


CNAPA
Centre National de Prévention des Addictions

Lëtzebuerger Guiden a Scouten

# Formatioun: Ëmgang mat legalen an illegalen Drogen

### 18. November 2023 um Neihaischen (09h00 - 17h00)

No dem positive Feedback vu leschtem Joer proposéiert de Centre national de prévention des Addictions de Scoutscheffen eng zweete kéier d'Formatioun zum

Theema: Ëmgang mat legalen an illegalen Drogen.

## Theemaen

1. „Basisformatioun zur Richtlinn fir den Ëmgang mat legalen an illegalen Drogen“
2. „Gespéichsféierung mat Jonken“ (Übungen a Methoden)

## Inhalt

1. Wéi ginn ech mat Jonken ëm, déi legal an/oder illegal Droge konsuméieren? Am éischten Deel beschäftege mir eis mat der Richtlinn (Kooperatioun tëscht CNAPA a SIL) zum Ëmgang mam Konsum vun Drogen. Zousätzlech ginn déi verschidde Substanzen méi am Detail erklärt.
2. An engem zweeten Deel sti Methoden an Übungen am Mëttelpunkt fir mat Jonken iwwer dëst Theema ze schwätzen. Dës sinn interaktiv opgebaut, fir déi Jonk esou fir dëst Theema ze sensibiliséieren an am Sënn vu preventive Botschaften, laangfristeg positiv Effekter z'erzilen.

Wann dir d'Formatiounen ofgeschloss hutt, kënnt dir Sensibiliséierungsmaterial bei eis ausléinen, fir d'Theema mat äre Jonken am Grupp unzeschwätzen.

**Umeldung:** chefbox.lgs.lu/portal/formatioun